N°2736
Entrée le 08.09.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, an der Madame Delegéiert Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit, Elisabeth Margue, op d'parlamentaresch Fro n°2736 vum 5. August 2025 vum honorabelen Députéierte Sven Clement zum Sujet "Protection des numéros d'urgence face aux cyberattaques"

1. Ass den 112-Noutruffservice multihomed, dat heescht huet hie physesch Verbindungen (souwuel PSTN wéi och IP) mat verschiddenen Telekommunikatiounsoperateuren?

D'Noutruffnummeren 112 an 113 si quasi identesch opgebaut a configuréiert. Alle béid si „multihomed", allerdengs bedeit dëst net, dass et physesch Verbindunge mat verschidden Telekommunikatiounsoperateure gëtt. D'Diskusioune fir op verschidden Telekommunikationsoperateuren zréckzegraifen, sinn awer mam ILR ugestouss ginn.

2. Gouf wärend dem POST-Ausfall d'Fonctionalitéit vun de Noutruffservicer zu all Moment garantéiert, oder gouf et Ënnerbriechungen? Den CGDIS sot bekanntermoossen datt si intern den Ausfall konnte gesinn.

D'Fonctionalitéit vun de Noutruffservicer war zu all Moment garantéiert. Et gouf keng Ënnerbriechunge vun Appeller, an d'Nummeren 112 an 113 waren zu jidderzäit accessibel. Allerdéngs kann en Notzer, deen duerch technesch Problemer net vun den Servicer vu sengem Telekommunikatiounsoperateur ka Gebrauch maachen, och net op d'Noutservicer uruffen.

3. Wéi eng technesch Tester gi reegelméisseg gemaach fir d'Resilienz vun de Noutruffservicer ze verifizéieren?

Et gëtt verschidden technesch Tester respektiv Monitoring-Systemer, déi reegelméisseg stattfannen, souwéi och e „Business continuity plan" fir den Noutruff 113.

Beim 112 ginn et verschidden Testméiglechkeeten fir Testappeller duerchzeféieren. Den Service um 112 muss dann e Protokoll mat verschiddenen Tester duerchféieren, an do stinn och dann d'Decisioune betreffend d'Uwendung vun Noutfall-Prozeduren fest, fir dass schnellstméiglech e BackupZenario kann ageleet ginn.

4. Existéieren national Richtlinnen oder Reglementatiounen déi verlaangen, datt kritesch Servicer wéi Noutruffzentralen iwwer Verbindunge mat multipelen Operateure verfügen?

Et existéiere keng sou Richtlinnen oder Reglementatiounen.

5. Wéi staark sinn eis Noutruffzentrale vun der POST-Infrastruktur ofhängeg, a gëtt et Pläng, fir dëse Risiko weider ze diversifizéieren?

De Betrib vun den Noutruffzentrale gëtt integral vun de POST-Infrastrukturen ofgedeckt. D'Analys no der Pann bei der POST konnt kee Feelverhalen vun den Noutruffservicer wärend dëser Pann noweisen.

Eng Diversifizéierung gëtt permanent suivéiert an ass e kontinuéierleche Prozess.

6. Huet et no dem Cyberattack eng Reevaluatioun vun de Sécherheetsprotokoller an de Backup-Systemer vun de Noutruffservicer ginn?

Esou eng Reevaluatioun fënnt an engem kontinuéierleche Prozess fir d'Verbesserung vun de Systemer statt.

Lëtzebuerg, den 8. September 2025
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden